STA
TUS
QUO

DE NEIE STANDARD_13/12/16 **IACHTUNG SATIRE!I**

Alle lieben Wladimir

Gestern noch mobbten ihn alle, bestraften ihn mit Sanktionen und wollten ihn sogar als Kriegsverbrecher vor Gericht bringen - heute hat Wladimir Putin plötzlich eine ganze Menge neuer Freunde. Grund genug für den StatusQuo diesem Phänomen auf den Grund zu gehen. Und da fangen wir am besten ganz am Anfang an, bei dem türkischen Präsidenten Erdogan, nicht nur ein großer Experte in Fragen der Satire und Pressefreiheit, sondern auch Trendsetter in Sachen Tuchfühlung mit Moskau.

Wer hätte das gedacht: Wladimir Putin und Recep Tayyip Erdogan werden Freunde. (Ein Traum wird wahr - nicht). Aber jetzt mal im Ernst: Wieso jetzt auf einmal die Freundschaft? Schließlich waren die zwei Despoten nicht wirklich die besten Freunde, vor allem wegen dieses kleinen Unfalls Ende 2015. (Für alle die keine Nachrichten gucken: Am 24. November 2015 wurde ein russischer Kampfjet über der Türkei abgeschossen). Also: WIESO?

Erst mal zurück zum Anfang: Nach dem Abschuss des Jets über der Türkei verhängte Moskau Sanktionen gegenüber Ankara. In Moskau wurde das Russisch-Türkische Wissenschaftszentrum in der angesehenen Bibliothek für fremdsprachige Literatur geschlossen, der Unterricht der osmanischen Sprache eingestellt. Hunderte türkische Staatsbürger wurden in Russland von den Behörden überprüft, Dutzende ausgewiesen. Die Einfuhr türkischer Waren wurde gestoppt.

Im Juni erst bedauerte Erdogan den Zwischenfall. Der wichtigste Grund für den Zusammenschluss der beiden „demokratischen Herrscher“ ist, dass die beiden vom Westen nicht wirklich als gleichberechtigte Partner angesehen werden und so fast alleine klarkommen müssen.

Nach dem Putschversuch in der Türkei rief Putin Erdogan sofort an! Er zeigte somit Erdogan eine gewisse Solidarität, denn vom Westen her bekam er nur viele kalte Schultern zu sehen. Putin kritisierte Erdogans menschenverachtenden Umgang mit kritischen Stimmen in der Türkei nicht; warum auch, er macht‘s doch genauso.

Ok, weiter im Text: Somit hat er den Weg für einen Neustart mit „Kampfschlumpf Putin“ (Zitat aus der Satireshow Extra 3) freigemacht. Doch beide Despoten sind sich einig: Die Zusammenarbeit ist von großer Bedeutung. Putin musste Erdogan als Handelspartner wiedergewinnen, weil die EU wegen der Krise in der Ukraine Sanktionen gegen Russland verhängt hat, deshalb sind in Russland die Lebensmittelpreise ohnehin schon gestiegen. Ein anderes Problem, diesmal für Erdogan: Die westlichen Touristen bleiben aus, so ist die Türkei auf die russischen Touristen angewiesen

Nun also soll eine Gaspipeline im Schwarzen Meer verlegt werden (Turkish Stream); diese soll 2019 fertig werden. Erdogan hofft damit Erdgas- und Energiehandelszentrum zu werden (in der EU). Außerdem baut Russland im südtürkischen Akkuyu ein Atomkraftwerk, von dem sich die Türkei Strom- und Russland Deviseneinnahmen erhoffen.

Beim Thema Syrien sind die beiden Despoten jedoch noch uneinig. Putin unterstützt den Noch-Machthaber Assad, Erdogan will dessen Ablösung. Doch die beiden kommen sich trotzdem immer näher.

Und ehrlich, so unterschiedlich sind die beiden ja nicht: Gut, der eine mag keine Satire und der andere reitet nackt Pferde, aber sonst … Beide gehen gegen Schwule vor, lassen gerne Demonstranten verhauen und beide sind machtgierige Despoten, die sich ihr Volk am liebsten selbst aussuchen. Moment, das klingt ja fast wie, wie hießt der noch gleich, ach ja, Trump, der alte Mexikoverachter und Baumeister (Trump der Baumeister, können wir die Grenze dichtmachen? Trump, der Baumeister, yes, make America great again!), der ja leider jetzt leider Präsident ist. (Ich hoffe nicht lange.)

Niemand weiß was noch kommen wird, aber vermutlich nähern sich eben jene Staatsoberhäupter immer mehr an, die sich vom Westen nicht ernst genommen fühlen und so andere Allianzen schmieden, deren gemeinsame Grundlage vor allem das Streben nach Geld und Macht ist.

Johnny Spitoni / Pit Feiereisen

De Proff vum Mount November: Annik Jordan

De Proff vum Mount November ass d'Madamm Jordan. Si ass verdéngte Proff vum Mount, och wann si sech dofier schummt. Dëst hält eis awer nët of, fir den Interview mat hir ze veröffentlechen.

SQ: Wat haalt Dir vu Schouluniformen?

Also ech komme jo aus England, wou dat normal ass. An ech weess, dass et vill Leit gëtt deenen et gefält, mee et ginn der och vill deenen et net gefält. Ech kennen also am Fong all d'Vir- an Nodeeler an de Problem ass einfach, dass et hei zu Lëtzebuerg net an der Traditioun ass.

Mee ech fannen et am Fong déck cool, dass, wann ech an England ginn an ech gesinn all déi Schüler mat den Uniformen, da weess een direkt wien zu wat fir enger Schoul gehéiert. Verschiddener sinn déck schéin, an da sinn der awer och dobäi déi ganz schrecklech sinn. Mee meng Mamm huet d'Uniformen ëmmer mega cool fonnt. Ech gesinn eis dat awer elo hei net aféieren. Obwuel ech net kategoresch dogéint sinn.

Hei zu Lëtzebuerg ass et jo dann och nach sou, dass mer bëssen de „Problem" mat de Marken hunn. Wou Schüler erofgemaach ginn, well se keng oder net déi richteg Marken unhunn. Awer wann ee Schouluniformen un huet, da gëtt dat duerch aner Saachen ersat, wei zum Beispill, dass d'Meedercher sech op eng bestëmmten Aart a Weis schminken oder bestëmmte Bijouen undoen mussen. Mee am Fong hunn ech keng bestëmmte Meenung dozou.

Wat war Äert Liiblingsfach an der Schoul?

Mäi Liiblingsfaach war ganz oft Surveillance, wat kee Fach ass, sou mega schiel. An déi aner Fächer hunn ëmmer vum Proff ofgehaangen. Ech hat een Däitschproff dee mega, mega cool war, mee leider war ech net sou gutt am Däitschen. Mee hien huet mech sou encouragéiert, dass ech bei hien am léifsten an de Cours gaange sinn, obwuel Däitsch net mäin Liiblingsfach war. Mee déi Fächer hunn vu Joer zu Joer geännert. Englesch war ëmmer einfach.

Wat fir eng Strofen denkt dir lech aus, fir Schüler déi de Cours steieren?

Ech gi keng Strofen. Ech schreiwen heiansdo eng schlecht Remark. Meeschtens schwätzen ech mam Schüler. Wann d'Remark dann nach ëmmer näischt gehollef huet, schwätzen ech mam Tuteur a wann dat nach ëmmer näischt gehollef huet, da muss dat an der Equipe geschwat ginn. Also ech fanne Strofe wierklech net hëllefräich, éierlech gesot. Also fréier hunn ech der bestëmmt scho ginn, mee awer scho säit Joer keng méi.

Ausserdeem ass dat guer keen Deel vun eisem System. De Schüler muss bäibruecht kréien, dass en Responsabilitéit iwwerhuele muss, awer net andeems mer hinnen eppes of ze schreiwe ginn. Dat kann ee maache wann een ee Schüler huet bei deem et wierklech guer net geet, mee dat ass sou rar (Gott sei Dank).



Foto by: Eric De Oliveira

Wollt Dir schonn ëmmer Proff ginn?

Nee, sécher net. Ech war och net ëmmer Proff ier ech hei geschafft hunn. Ech war Event-Organiser. Dat war anescht. Mee ech wollt eigentlech ni an d'Educatioun goen, well ech war eng Kéier an eng Primärschoul ersetze gaangen, nodeems ech d'Uni no engem Joer ofgebrach hunn.

Ech war Psycho studéieren, sou wéi all Schüler, well e mengt e misst sech selwer entdecken. An ech hunn entdeckt, dass ech guer keng Statistike maachen oder leide kann. An dunn sinn ech aus England zréckkomm an hunn eben an der Primärschoul ersat. An et war zimlech schrecklech. Och wann's de gutt verdéngt hues. Mee ech war schonn ëmmer frou mat Kanner an dofir huet et mech och gewonnert dass et mer net sou gutt gefall huet. An dann iergendwann krut ech een Uruff vum Här Schulté an hien huet mer gesot, dass hei am Lycée eng Platz fräi géif ginn. An dunn sinn ech heihi komme fir een Interview ze maachen, an dunn war ech och schonn hei ugestallt.

Mee ech fannen awer, dass een ier een an d'Educatioun kennt, muss eppes aneres gesinn hunn, fir éischtens ze gesi wéi alles dobausse leeft, awer och fir ze gesi wéi vill Chance all d'Proffen an Educateuren hunn. Dat ass och eppes wat mer mäi coolen Däitsch-Proff gesot huet. Et feelt engem einfach e ganzen Deel vun der Realitéit. An déi kuerz Zäit huet mer sou vill bruecht, a bréngt mer nach ëmmer extrem vill. Et ass gutt, wann een weess wéi gutt een et am Fong huet, well da reegt ee sech vill manner iwwert Klengegkeeten op.

Wat haalt Dir vum Donald Trump?

Mäi Brudder wunnt mat senger Famill an Amerika säit engem Joer. Mer waren de Summer do, an et war mega cool. Mee Chicago ass eng mega grouss Stad. An am Fong huet si zwou Säiten: op der enger Säit mega vill Kultur a Lifestyle, mee wann ee Suen huet. Op der anerer Säit ass et awer sou, dass Chicago eng vun de Stied ass, déi déi héchste Mordrat huet. Am August ware vun Ufank des Joers bis dohinner 500 Leit ermuert ginn, nëmmen zu Chicago. An wann een duerch sou Géigende fiert, fänkt een un ze verstoe firwat d'Leit sou onzefridde sinn. Ech sinn absolut keen dee fir den Trump ass, mee ech verstinn elo firwat d'Leit net op d'Hillary flippen, well weder deen een nach deen anere representéiert d'Realitéit. Verschidde Leit gleewen och einfach dat wat den Trump seet. An dass hie President ginn ass huet mer wierklech, wierklech Angscht gemaach.

Wéi al sidd Dir? An hutt Dir Kanner?

23. Nee, ech maachen de Geck. D'Leit wësse jo all wéi al ech sinn. Also ech si vun 81, heescht ech hunn 35 Joer. Ech hunn zwee Kanner. Den Ted an de Scott.

Wat war Äert peinlechst Erliefnis?

Lescht Joer Kleeschen! Dat war ultra peinlech! Wéi d'Schüler hallef plakeg a menger Klass gedanzt hunn.

Wat sinn Är Hobbyen?

Mäin Mann a meng Kanner. An heiansdo wann ech d Kéier kréien, Yoga. An Cantienica. Dat ass eng schwäizer Methode fir d'Haltung. Geet an déi selwecht Richtung wie Pilates. An Bicher liesen si meng eigentlech Hobbyen. Mee meng realistesch Hobbyen si mäin Mann a meng Kanner.

Wat fir dräi Saache géift Dir mat op eng einsam Insel huelen, wann all noutwenneg Saache schonn do sinn?

De Yannick, den Teddy an de Scott. Mäin Mann a meng Kanner. Dat sinn der dräi.

Nathalie Schroeder